



D'GAMELLE 2009



**E Bliedchen vun de
Luerenzweiler Guiden a Scouten**

Redaktiounsuschrëft

GAMELLE

71a, rte de Luxembourg
L-7373 Luerenzweiler
GSM: 691 309 737
e-mail: gamelle@lgslorentzweiler.lu

Chefredakter

Mireille PEUSCH



Redaktioun

Pit
Biber
Wellefcher
Avex
Carapio
Raro
Cheffen vu sämtlechen Branchen

Oplo

100 Stéck

Nummer

N° 20 erauskomm de
20. November 2009

Wat as dran?

- | | |
|-------|--------------------------------|
| 1 | Cover |
| 2 | Impressum & Inhalt |
| 3 | Virwuert |
| 4-6 | Wichtig Adressen & SHOP |
| 7 | E puer Wierder vum Aumônier |
| 8-9 | Biber / Wellefcher |
| 10-12 | Avex |
| 13-19 | Carapio |
| 20-22 | Raro |
| 23 | Generations Camp 2010 |
| 24 | Haiti |
| 25 | Aktivitéiten 08/09 |
| 26 | News / Wat? Wou? Wéini? |
| 27 | Beschass |

Wien Fehler fënnt, dierf se haalen oder beim
Recycling-Center oofgin.

E puert Wuert vun eisem Gruppchef

Schon erëm ass een Scoutsjoer eriwwer, dat 39. vun onsem Grupp.

Jo, jo d'nächst Joer steet e gréisseren Anniversaire, deem vun „**40 Joer Luerenzweiler Guiden a Scouten St. Laurent**“ an d'Haus.

An natierlech soll dëst och richtig gefeiert ginn, a wei kann een dat als Scouten besser ewéi mat engem Scoutscamp. Esou wei 1995, wou mir um „Twenty five“ ons 25 Joer gefeiert hunn, geschitt dëst am August 2010 um **G e n e r a t i o n c a m p**. Sait engem gudden hallwen Joer lafen d'Virbereedungen; esou eng Zeltstadt vun ëm di 300 Leit bréngt ganz vill zousätzlech Aarbecht.

Zum Gléck hunn mir an onsem Grupp eng ganz Partie Leit déi bereet sinn niewent den normalen Preparatiounen vun den Versammlungen an Scoutsaktivitéiten sech och nach dësem Challenge benevole unzehuelen. Iech all, der Cheféquipe, dem Top Saff vum Camp an all den Frënn vun de Luerenzweiler Scouten een risegen **Merci** fir all déi formidable Aarbecht déi dir maacht fir dat mir an onsem Grupp ëmmer erëm flott Momenter erliewen kennen.

Mee et bleift nach genuch ze dinn; mir sinn fir all Hëllef dankbar a bestëmmt ass och eppes fir dech dobäi.

Wei gesot, all Hëllef virum Camp, während an no dem Camp ass wëllkomm. Zeck net a mell dech bei der Cheféquipe; am viraus schon villmools Merci. Ons all wënschen ech een spannend Scoutsjoer.

Carole



Biber

Wellefcher

AvEx

CaraPio

RaRo

Verschiddenes

Wie këmmert s'ech em mäi Kand?



GRUPPECHEF

NEY Carole
TEL: 26 33 42 40
GSM: 661 339 812

GRUPPECHEF ADJ.

LINCKELS Sven
TEL: 26 33 20 62
GSM: 691 309 737

BIBER@lgslorentzweiler.lu



RESPONSABEL

KRECKE Elisabeth
TEL: 32 81 38
GSM: 621 768 176



BIDOLI Renée
TEL: 32 79 69
GSM: 621 784 250



GALLELLI Jill
GSM: 691 720 327

WELLEFCHER@lgslorentzweiler.lu



RESPONSABEL

ROMMES Anne
TEL: 32 72 93
GSM: 621 630 041



SCHOSSELER Jil
TEL: 32 94 42
GSM: 691 844 525



FOURNELLE Germain
TEL: 33 81 70
GSM: 621 758 116



BICHLER Fanny
TEL: 32 73 08
GSM: 621 214 989



BRÜCK Pol
GSM: 661 785 84



DOSTERT Mich
TEL: 33 28 92
GSM: 621 421 805

AVEX@lgslorenzweiler.lu

**RESPONSABEL**

BECK Jemp
TEL: 32 60 84
GSM: 621 750 159




BIDOLI Charel
GSM: 621 526 217



BOURMER Fränk
TEL: 32 73 08
GSM: 621 214 989



MOLITOR Anne
TEL: 33 73 88
GSM: 661 753 818



MULLER Ernestine



BISENIUS Lisa
GSM: 691 789 739



BISENIUS Ben
TEL: +49 461 8404417
GSM: +49 176 96033258

CARAPIO@lgslorenzweiler.lu

**RESPONSABEL**

LINCKELS Sven
TEL: 26 33 20 62
GSM: 691 309 737



NEY Carole
TEL: 26 33 42 40
GSM: 661 339 812



PANETTA Nico
TEL: 32 95 42
GSM: 621 253 953



HANCK Catherine
TEL: 32 98 50
GSM: 621 63 48 13



SCHROEDER Änder
GSM: 661 730 814



BECK Max
GSM: 661 941 010

Biber

Wellefcher

AvEx

CaraPio

RaRo

Verschiddenes

RARO@lgslorentzweiler.lu



RESPONSABEL

PEUSCH Mireille
TEL: 26 701 777
GSM: 661 79 11 15



HÖFLIGER Tessy
GSM: 661 393 494

ALBATROS



RESPONSABEL

WEBER Men
TEL: 44 94 47
GSM: 621 135 159

KEESSIERE



EVERAD Chantal
TEL: 32 65 75
GSM: 621 203 584

AUMONIER




REUTER Pit
TEL: 32 03 50
GSM: 621 137 522

FOYER

... as ze fannen:
23, rue St. Laurent
L-7370 Luerentzweiler

as ze ereechen:
ënner dem TEL: 33 07 08



WWW.
lgslorentzweiler.lu

T-SHIRT

Mir hun wonnerschein T-shirts fir eise Grupp drecken gelooss.

Et bleiwen der nach puer Rescht fir ze kaafen (Erwuessen- a Kannergréissten)

Präis: 15 euro

Beim Carole mellen!

SHOPPING

Den LGS SHOP ...

... as ze fannen:
5, rue Munchen-Tesch
Lëtzebuerg

... huet op:
Dënschdes: 15.00 bis 18.00 Auer
Donneschdes: 15.00 bis 19.00 Auer
Samschdes: 09.00 bis 12.00 Auer

Während de Schoulvakansen as de Shop zou!

as ze ereechen:
ënner dem TEL: 26 94 84-31
oder per E-mail: shop@lgs.lu

www.lgs.lu

E puert Wuert vun eistem Aumônier

Biber- a Wëllefcherscamp 2009 zu Schëtter



Steenzait – en haart Stéck

Nodeems mir alleguerten zu Schëtter am Chalet ukomm sinn, an jiddereen en Bett fonnt hat, konnt et och schon lass goen.

D'Wëllefcher déi schonns en Dag méi laang do waren, hunn eis en klengen Sketch virgespillt, sou dat mir konnten gesinn, wat eis géing erwaarden an deenen nächsten Deeg.

Mir hunn eis Kleeder aus „Pelz“ gebitzt, an obwuel verschiddener vun eis geduecht hunn, si krichen dat net hin, hunn eis nei Kleeder guer net mol schlecht ausgesinn.

Op engem klengen Streifzuch duerch Wisenanden Bësch, hunn mer Quetschen gepléckt, di herno op eng lecker Taart komm sinn. Desweideren hunn mer op eisem Wee och nach Steng gesammelt, op deenen mer eis éischt Stricher an Richtung Höhlenmolerei gemaach hunn.

Fir an der Steenzait ze bestoen, hunn Höhlenmenschen missen een op den aneren vertrauen. Dëst Vertrauen gouf an engem Nuetsspill op d'Prouf gestallt. Eis Cheffen hunn eis op en Bamstamm gehuewen, iwwert deem mir sollten driwwer goen. Mir hunn all geduecht mir wäeren héich iwwert dem Buedem, mee wou mer herno erofgesprongen sinn, hunn mir gemierkt dat et guer net héich war.

Owes souzen mer oft beim Feier an hun zesummen den Höhlenboogie gesongen. Dono kruten mir eng Geschicht virgelies an mir hunn souguer nach eng Kessenschlacht gemaach.

D'Biber



Wi mir, d'Wellefcher, ukomm sin hu mer eis ageriicht an hu Spiller gemaach.

Owes war dun och d'Ufanksveillé zum Thema Uermenschen, wu mer flott Spiller gemaach hun an ugefaangen hun d'Camplidd ze léiren.

Mier hu Brout um Feier gebaak, a mier hate cool Atelieren wu mer eis Béi a Pelzkleeder gebastelt hun.



An der Fräizäit hu mer eis eng Hütt gebaut a mam Bou Wettschéisse gemaach.

Um Tauschspill hu mer lauter flott Saachen zesumme gesammelt a wi mer op de Rallye waren hu mer Quetsche gepleckt an owes krute mer och e Stéck Taart dovun.

Wéi d'Biber ukomm sin hate mer net mi su vill Platz am Dortoir, awer vill Spaass.

D'Fanny an de Pol hu gudd gekacht a mier hu gehollef d'Dëscher ze decken an ze spullen.

Mier haate Pakalu gemaach um Feier, an de Paschtouer ass och een Daach do gewiecht an huet eng Veillée fier

eis gehaal (Merci!).

De Germain war krank gin, awer net laang an de Gilles war net ëmmer brav!

Mier hatten eis gudd ameséiert, an all Kéier wann en Zuch koum huet de Gilles ganz hart "Gleis Raumen!" geruff, bis en hees war.

Dee leschten Daach wi eis Eltren eis siche komm sin hu mer gegrillt an zesumme giess, durno si mer heem gefuer.

D'Wëllef



ALLES SCHNITZEL !



Freides, fortfuere:

Mir hunn eis moies an da Frei beim Foyer getraff fir an Eistereisch ze fuere. Mir si gudd fort komm. No ongefeier 8 Stonnen Auto an ongefeier 2 Stonnen Rascht op den Raststellen, sinn mir dunn op der Campplaaz ukomm. Als éischt hunn mir mol alles ausgelueden, d'Zelter opgeriicht an eng Kiche gebaut, wou d'Erni eis dirket Ravioli gekacht huet. Jiderengem huet et gudd geschmaacht, dunn hunn mer na e Bessi geschwaat an gudd midd schlofe gang.

Samstes, Véillee:

Mir si moies wakrech ginn an hunn direkt e Feier gemach. Duerno hunn mer zesummen giess, an dunn Feierholz an Konstruktionsholz sichen gang, woumat mir eisen Dësch mat Hängematt driwwer opgeriicht hunn. Mettes gouf et Fleesch mat Zalot. Nom Spullen sinn mir an de Séi schwamme gang, an Futball mat anere Scouten aus Deitschland gespillt. Nom Owesis-

sen hu mir eng kleng Véillee gemach, déi aus verschiddene Spiller bestaane huet: Eer passen, Eer aus Pannéiermuel mam Mond raushuelen, Paanentennis. Duerno si mir schlofe gang.

Sonndes, Salzburg

Mir sinn opgestaan an hu Feier gemach. Dunn hu mir Kaffieskiichelcher giess an haaten en Atelier an zwar en Schnitzel aus Holz schnitzen. Mettes goufen et nemmen Breidecher, well mir net sou vill Zait haaten an sinn dunn direkt mam Auto op Salzburg gefuer. Do si mir den Naturkundemuseum kucke gang a mir hunn dem Mozart sein Heemeschtshaus gesinn. Et gouf eng Glace, déi ganz gudd war. Well mir mëttes net esou vill giess haaten, si mir owes an dem Erni sain Hotel en gudden Schnitzel iesse gang. Du sinn mir all midd an trotzeg an d Bett gang, well et ungefaangen haat mat Reenen, waat natierlech kengem gepasst huet.

Meindes: Velo fueren

Mer sinn opgestaan an hunn Feier gemaach. Et huet zwar net méi vill gereent mee nach e bessi. Mir hunn normal Kaffi gedronk, du si mir Velo'en loune gaang an sinn rondrem den Sei gefuer waat ganz ganz flott war. Mettes konnte mir net vill man, well et rem ugefaangen haat mat vill reenen.



Denstes: Reen / Hike

Haut sinn mer wéi emmer opgestaan, mee mer konnten net gudd Feier maan, well alles naas war, et huet nach emmer gereent. Du sinn mer géint Metteg gefuer, a virun engem 1400 Meter héiche Bierg stoen bliwwen. Et war kaal an et huet ugefaang mat fisemen an daat den



ganzen Obstieg laang. D Loft war dënn an et krut een net mi gudd geotemt.

Fir d'éischt si mer bei der éischter Hütt ukomm, déi war an desem Mount zou! Dunn hu mer missen ob di gudd 150 Meter méi héich geleeën Alm goen fir do vun enger Bäuerin vernannt ze ginn firwaat mir bei dësem schrecklesche Wieder eropkéimen. Si war eis awer net béis an mir hunn e schéinen Owend mat der Bäuerin, hierem Mann, der Bomi, engem Meedchen aus dem Duerf, an dem Pascha, engem supperléiwe Mupp verbruecht. Mir hunn immens gudd an hiere Better geschlof. (et ginn 2 Hütten, well wann d'Kéi alles rondrem di éischt Hütt gefriess hunn, ginn se mat hiere Besëtzer eng Alm no uewen/no ënnen.

Mettwoch: Ofstieg vum Bierg:

Mir sinn duech de Kaméidi vun de Kéi mueres erwäscht, kruten Kaffi, hunn eis Saache gepaackt, hunn eis verabschied an sinn erofgewandert. No kuerzer Zait hunn mer eng Paus gemach an där een, deem säi Numm net genannt well ginn, engem Aneren, deem säi Numm och leiwer geheim bleiwt, e Steen an engem Accident op den Kapp geschoss huet. D'Opfer ass mam Schrecken zreckbliwwen an konnt nés zreckgoen an huet dierfen e Feier um Wee man. Soss ass naicht Spektakuläres méi geschitt. Ennen ukomm sinn mir mol eppes drenke gaang an duerno zréck gefuer. Ennerwee si mir awer nach op Salzburg eppes iesse gaang, wou d'Erni op eis gewaard huet. Dun hu mir eis nach nei Messeren, Spillsaachen an nach Villes méi kaaft. Rem um Camp si mer nach eng lëschte Kéier an de Séi gaangen an hun eis Saache agepaackt fir gudd fortzekommen. Owes sinn mir doudmidd schlofe gaang an d Wieder war endlech nés gudd.

Donneschteg:

Mir kommen erëm!
Mer sinn an aller Fréih opgestaan. Dun hu mir eis Zelter an d'Kichen ofgebaut an alles an d'Autoen gedroen an verstaut. Mer haate mol keng Zait fir e Feier ze man. Nom Raumen a Botzen si mir an dem Erni sain Hotel gudd Kaffi drenke gaang an si gudd gestärkt an Richtung Heemescht gefuer an do och gudd ukomm.

är AvEx



AvEx Weekend zu Péiteng (10/11 Januar 2008)

Mir sinn um 3 Auer zu Péiteng ukomm an hunn do en Rallye duerch d'Stad gemach. Nodeems mir dun eis Zutaten fir d'Owesiessen haaten, hu mir nach en enger Bäckerei eppes gedronk, an dunn hu mir eis op de Wee gemach fir an de Chalet. Mir sinn eis direkt ariichte gaang an hunn eng Kësseschlacht ugefaang. Dunn ass et awer rem eescht ginn, a mir hun missen kachen, an et ass souguer gudd ginn. Dono hu mer mat de Spiller ugefaang fir eis Kachschoul ofzeschleissen. Dunn si mer penne gaang. De Moien drop ass gudd ginn. Dono hu mer erëm e puer Spiller em d'Kachen gemach. Nom Mëttegiessen hu mer ugefaangen eis Saachen ze paaken. Dunn si mer vill spazéiere gaang. Ennerwee ware mer op den Péitenger Tümpel, wou mer um Eis en bëssen ronderemgerutscht sinn. Nom Spazéieren si mer dunn erëm op Luerenzweiler gefuer.



Et waren dobai:

Carole B, Carole S, Carole N,
Fanny, Flo, Julie, Lena, Lisa a
Sven

Donnehtes, den 30. Juli

Mir sinn Moies géint 8 opgestan an hunn e Spill mam Stamm Artus gspillt (Morgenrunde) an dunn hunn mir Kaffi gedronk. Et goufen Bréidercher. Nom Iessen hunn mir nach onsen Iwwerdaach opgeriicht wou genuch Platz war, fir mat den 2 Gruppen drënner ze iessen. Dunn gouf et och schonns Mëttegiesen, Zopp an Milchreis (de Wackesen hiert Lieblingsiessen). Géint 15 Auer war déi grouss Lagereröffnungsfeier. Hei huet d'Flo de Lëtzebuerger Fändel erop gezunn. Wéi während der Eröffnungsfeier déi auslännesch Natiounen virgestallt goufen, hunn mir ganz haart „Roude Léiw – Huel se“ gebierelt. Thema vum Camp „Seitenweit – schwarz auf grün“ ass während der Feier vum „Gutenberg, Goethe a Schiller“ virgestallt ginn. De Camp sollt eng grouss Bibliothék sinn, voll vun flotten Aktivitéiten. Déi eenzel Souscamp'en hunn all Nimm déi eppes mat Bicher ze dinn hunn: Regal 35, Meridian, Burps, 3 ???... onsen Souscamp war Drehbuch. Drehbuch war de greisten Souscamp, et war deen vun den Bayern. No der Eröffnungsfeier hatten mir e bëssen Fräizäit ier et eppes ziessen gouf. Et goufen megalecker selwergemaachten Spätzelen mat Kéis, déi den Harry vum Artusstamm gekacht huet. Dono war nach d'Eröffnungsveillé vum Souscamp Drehbuch. Dës Veillé war vill besser wei déi vum ganzen Camp. Jo an dono

seitenweit

BUHLENBERG 2009



sinn mir och schon an de Kaffee King gaang wou mir Kaarten gspillt hunn. Carole S.

Freiden, den 31. Juli

De Moien sinn mir um 8 Auer opgestan an dunn hunn mir giess. Haut waren Atelierer um Programm. „Laporella, der treue Diener“ oder esou ähnlech huet den Atelier geheescht. Do hunn mir esou Bicher gebastelt aus verschidde Saachen wei z.B. Filtertuten. Dono gouf et Kaiserschmachen. – „Wei huet dat giess dat mir de Mëtten geheescht hunn?“ (Zitat Fanny) Mëttes stoung „Sippe trifft Sippe“ um Programm. Deemno hatten mir een Atelier mat onser Partnergruppe Artus. Déi eng hunn Neelbiller mat Woll gemaach; déi aner hunn „DIE Dusche“ gebaut. Dës hunn mir dono och nach schéin gemoolt. (Ajo, mir hunn och nach ons gepimpten Breifkëscht an natierlech ons Schubkar, „d'Barbie Deluxe“ dobäi.) Dunn hunn mir zu Owend giess. Déi Artusen, déi kennen wierklech gutt kachen. Den Owend ginn mir ons dann nach gutt

Biber

Wellefcher

AvEx

Carapio

RaRo

Verschiddenes



virun 4500 Leit blaméieren, nee natierlech net, mir stellen onst schéint Lëtzebuerg vir. Ech schreiwen dann dono nach wéi dat gaang ass..... Jo, dunn hunn mir nach sou eist Land mat der Hoga FNEL virgestallt an de Leit e wéineg Lëtzebuergesch bei bruecht, Info'en iwwert Campingsplazen an Chaleten ausgedeelt an natierlech Reklamm fir onsen Camp nächst Joer gemaach. Julie

Samschten, den 1. August

Mjo! Moien Kanner! Mir hunn Angscht: Et geet op den Hike!!! Mir sinn um 8 Auer Moies prett gewiescht, hunn nach séier eppes gefrupst, de Rescht Saachen an d'Rucksäck verdeelt an dunn ass et lass gaang. Mir sinn um 8.30 bei d'Bühn gewatschelt. Hei ass den Hike mat engem Sketch mam Asterix an Obelix erkläert ginn. Mir hunn nach séier eng Foto vun ons tapferen Gallier gemaach an dunn ass och schon de Bus komm deen ons iergendwou an der Pampa eraus gelooss huet. Dunn hunn mir mol eng Paus gemaach. Mir haten een Hikebuch kritt wou mir hunn missten Rätselen léisen fir ons Etappen-

zieler ze fannen. Mir hunn eist 1. Ziel erausfonnt: op den Sonnenberg spad-séieren. Mir hunn eis dunn och leider am Bus verlaf, a jo, am Bësch war dat. Du sinn och nach d'Sireenen vum Krich getest ginn a mir waren direkt nieft engem Militärberaich. Dunn hunn mir mol eis mega, lecker Nuddelzalot gebufft. Dunn koom se! D'MATT!!!! Dunn sinn mir weider getrëppelt an iergendwann um Sonnenberg ukomm. Dunn wollten mir no deem esou ustrengenden Bierg eppes ze drénken froen goen bei d'Leit. Grouss Iwerraschung!!! Et koom eng Fra déi eis eppes ze drénken an Gliesser bruecht huet. Erstaunung! D'Leit waren SAU FEIN! Mir sinn dunn mol wieder bis op Fronweiler getrëppelt, me d'Funnes ass ëmgeknéckst an hat dunn de Knéi am Gelli! Dunn hunn mir nach esou eng Aufgab gemaach an hunn dunn missten esou een kack Bierg erop goen. Mir waren frou wéi mir dunn do uewen bei den Baueren ukomm sinn. Dunn hunn mir nach missten vun do op den Schmiessberg goen! Hei hunn mir dunn de Buergermeeschter gefrot fir éierens eng Nana ze maachen. Hien huet emol als eicht eng Stonn iwerluecht... dunn huet hien beschloss eis säin iweggailt Veräinshaus ze ginn. Do war alles: Billard, Kicker,



TV, Kichen an eng richtig TOILETTE. Mir hunn ons een gemittlechen Owend gemaach an dunn hunn mir gutt schnuckeleg eng Dodi gemaach. Nuecht!Mjo! Lena

Sonndes, den 2. August

Moies géint 7.30 sinn mir vum éischen Wecker erwescht ginn. Eng 15 Minutten méi spéit ass den nächsten Wecker gaangen. Dunn sinn mir lous a lous opgestanen, hunn ons Saachen gepackt an nach e wéineg geraumt a gebotzt. Dunn koum och schonns de Buergermeeschter an huet mat ons gespackelt. No enger Stonn Geschwätz sinn mir dunn weider gejaapt. Dunn sinn mir nach laang km iwwert Strooss gaang an dunn an de Bësch. Do sinn mir, ewéi esou oft, net eenz ginn. Zum Gléck koum eng Fra mat Mupp déi mir nom Wee konnten froen. Déi waren och grad ënnerwee op Birkenfeld. Dunn sinn mir am Schippelchertakt dohin gewatschelt. Do ukomm hunn mir nach déi nächst Aufgab geléist an een Musikszipps(leier) gebastelt. Mir hunn och nach gefrupst an gespackelt. Well mir keng Zaang hatten fir den Drot ze schneiden ass d'Carole S. an d'Lisa op Sich dono gaang. Si hunn eng Fra fonnt déi mir schon gesinn hatten an déi sech wéinst eiser ausgespaart huet. Dono sinn mir nees weider gaang iwwert Strooss fir zrëck op de Camp. Déi lescht km waren déi schlëmmst an ustrengends. Dunn endlech géint 1 Auer waren mir nees zrëck um BuLa (Bundeslager = Camp) Dunn sinn mir nach séier bis bei d'Hikeéquipe gelaf fir ze soen dat mir ukomm sinn. De Rescht vum Dag hunn mir relaxéiert. Et war och „Tag der offenen Tür“. Vill vun onsen Elteren sinn bis laanscht komm.

Mir hunn och nach Bounen geschnëpelt, well Owes hunn mir onsen Artusen eng Bouneschlupp gekacht. D'Julie ass och nach mam Sven cachen gaang an iergendwann sinn mir schlofen gaang. Fanny

Meindes, den 3 August

Haut huet d'Carole B. Gebuertsdag!!! Moies gouf et beim Kaffi den super-mega leckeren Kuch, deen dem Carole seng Mam den Dag virdrun laanscht bruet huet. Mir hunn schéin gesongen. Dono sinn mir op Idar Oberstein gaang. Do hunn mir ons e bëssen getrennt. De Sven an e puer anerer sinn geocachen gaang an d'Mädels an d'Sie sinn natierlech shopen gaang. Fir d'éischt sinn mir an de KiK gaang. Do hunn mir allerlee klimbim kaaft. Dono sinn mir nach an den Hertie gaang. A well deen Pleite ass krut een do op alles 50 %. Dono hatten mir Fräizäit a kruten 15 Euro fir



Iessen ze goen. E puer sinn sech een Mega-Burger-Menü sichen gaang an de Rescht war an d'Pizzeria. Nom Iessen sinn mir nach an d'Hallenbad gaang wou de Buedem voll mat Algen war. Awer et war gutt eng waarm Dusch ze kréien. Zrëck um Camp waren mir deck opgedréit an hunn Blödsinn ge-

Biber

Wellefcher

AvEx

CaraPio

RaRo

Verschiddenes

maach. Nom Iessen war „türkescher Owend“. De Sven a d'Carole N hunn sech hir Zukunft aus dem Kaffisaatz liesen gelooss. Dono sinn mir no an no an d'Zelt gaang fir ze pennen. Flo(rence)

Dentsches, den 4. August
Haut de Moien sinn mir um 7.30 opgestan. Dunn hunn mir giess. Nom Iessen haben mir een Atelier mat lauter Spiller wie z.B. ultimate Frisbee, Waaserrutsch an Leitergolf. Hei waren Wackesen dobäi, déi déi ganzen Zäit de Geck mat ons gemaach hunn. No dësem Atelier waren mir mega gelangweilt. Nom Atelier gouf et eppes ziesen. Nuddelen mat Pesto!!! Dono haben mir een Spill „Ronja und die Räubertochter – das Geländerspiel“. Dat ganzt war am Bësch wou zimlech vill Mitsch Match war. Dëst Spill war net esou flott, mir waren déi eelzt déi matgemaach hunn, de Rescht waren Kanner... Mir waren a Gruppen agedeelt (z.B.: Raiber, Adeleger,...) Bei den Adelegen huet een missten een Fest fir den Kinnek virbereden. No dësem „immensen“ Spill sinn mir zréck op eisen Souscamp gaang an haben Fräizäit. D'Julie huet geschlof, d'Carole S gelies an e puer hunn Kaart oder UNO gespillt. Haut war onsen Grilowend: selwer marinéiert Koteletten, Schnitzelen, Courgetten, Feta, Wuppen, Gromperen,... Do hunn e puer Leit zimlech mega vill giess. Mir waren all voll gefriess. Nom Spullen sinn mir nach an de Café vun den 3 ??? gaang, wou een Concert war. Et war een flotten Owend bis mir hunn missten an d'Bett goen. Carole B.

Mettwoch, den 5. August
Moies sinn mir opgestan an hunn Kaffi gedronk. Dono stoung een Atelier um

Programm, wou mir Gesiichtsmasken gemaach hunn. Mir hunn wäisse Kéis mat Nutella respektiv Gebeess vermëscht an ons dat géigesäiteg an d'Gesicht geschmiert. Dobäi koumen nach Cornichonen fir op d'Aen ze leeën. Dat war zimlech lecker an entspaanend. Dono hunn mir ons d'Gesicht ofgewäsch an sinn zréck op d'Campingsplaz gaang. Et goufen Pangescher mat Appel. Wei mir sat waren hunn mir e wéineg relaxéiert an dono ass et schon erëm weider gaang. De Stamm Artus hat „Herr der Ringe“ een Geländespill preparéiert. Nodeems mir an de Bësch getréppelt sinn, kruten mir Erklärungen an goufen an 4 Gruppen agedeelt: Zwergen, Orks, Elben an Hobbits. Déi verschidden Gruppen missten ennereneen kämpfen. Dat war wierklech deck cool an intressant. Awer ewéi mir bal um Enn vum Spill ukomm waren huet een Kasak mech ugehal woubäi ech dunn ëmgeschloen sinn. Sanitärer sinn mech mat der Brëtsch an de Bësch sichen komm an hunn mech an d'Infirmierie bruecht. Mäin lenken Knéi war verletzt, ech konnt net mäi drop trëppelen an krudd dunn emol Kretsch. Nuje... Zreck beim Zelt hunn mir nach e wéineg Kaart gespillt. Dëst war lëschtteg. Et gouf Chilli con Carne fir d'Owesiessen. Dat huet alt erëm super geschmaacht. Owes war den Singwettstreit bei der grousser Bühn. Gewonnen huet den Stamm Geisterburg deen een Lidd iwwert „Schweinegrippe“ komponéiert huet.
Wir werden alle Schweine
Worte und Weise: Lionel Tomm
Hab vor kurzem so 'nen Film gesehen: Planet der Affen.
Da hab ich mich gefragt: kann ein Tier es wirklich schaffen,
unser Weltbild aus dem Gleichgewicht

zu bringen?

Die Menschheit zu bezwingen, alles niederzuringen.

Doch dann hörte ich von realen Dingen, die mir nahegingen, die es schaffen, alle dazu zu bringen, im Dreieck zu springen.

1. Strophe

Heute ich sofort mit 'nem kleinen Infekt, direkt zum nächsten Doc, der dann bitte checkt, ist das Erkältung oder kann es sein, dass ich umkippe?

Ich befürchte, ich hab die Schweinegrippe.

2. Strophe

Er guckt mich panisch an: nimmt er mich jetzt auf die Schippe?

Dann sagt er hastig: Entschuldigen Sie bitte, nicht wundern, dass ich jetzt auch ausflippe, denn schließlich hab' ich jetzt auch die Schweinegrippe.

3. Strophe

Er versucht uns schnell 'nen Notarzt zu besorgen, dann fragt er mich: Kann ich ihr Handy borgen?

Das Problem bei Festnetz ist am anderen Ende der Strippe legen die gleich wieder auf aus Angst vor Schweinegrippe.

Refrain

Wir werden alle Schweinegrippe befallen sein, egal wir sind nicht alleine, denn auf Malle ham sie's alle.

alle Schweinepest, grippebefallen sein, ekelig noch schlimmer als Asbest, und dann stimmen wir ein:

Oink oink oink!

4. Strophe

So'n Raver auf ner Party: Weißt du auf was ich trippe?

Ich sag: Nee, und er: Ich bin auf Schweinegrippe.

Meine Schwester auf'm Spielplatz: Mama, schau mal wie ich wippe!

Komm sofort runter da! Wegen Schweinegrippe.

5. Strophe

Und stehen wir alle mal auf ner Steineklippe, ist die größere Gefahr trotzdem Schweinegrippe.

Egal ob Runde, Gilde, Meute Bundesleitung oder Sippe:

WIR SIND ALLE SCHWEINEGRIPPE!

Refrain

Rinderwahn war gestern, H5N1 ist out,

bist du eher so der Hippe, probier's mit Schweinegrippe.

.. wir sind nicht alleine.

Nur die echten Schweine – kriegen keine!



Dono hunn mir nach bis spéit owes „Der große Preis“ fäerdeg preparéiert. Dëse Quiz wollten mir den Dag dono mat dem Artusstamm spillen. Um Mëtternuecht hunn mir dem Flo nach fir säin Gebuertsdag gesungen a gratuléiert a sinn dunn gläich drop schlofen gaang. Lisa

Donnechten, den 6. August
Majo, den heiten Dag huet schon gutt ugefaang. Mir waren am gaang „Der grosse Preis“ fäerdeg virzebereeden. Um Punkt 12 krut ech fir den Gebuertsdag gesungen. D'Sie huet mir eng Këscht ginn, mat engem Schal an Seefendeieren. Dunn sinn mir pennen gaang. Moies sinn mir opgestan. Nom Kaffi hunn mir mam Stamm Artus „der große Preis“ gespielt. Et war deck cool!!! D'Kategorie „Action“ war am séiersten fort. Déi 2 Gruppen hunn sech „B“ an „die Dusche“ genannt. „B“ huet gewonnen. Si kruuchten 2 Tuten Haribo. Leider war et mam Lisa sengem Knéi net besser, esou dat mir an Klinik gefuer sinn, ... dëst sollt dem Lisa säin leschten Dag um Camp ginn, hat hued leider missten heem goen, well säin Knéi awer méi schlëmm verletzt ass. Mëttes gouf et lecker zessen! Als Dessert gouf et mega leckeren Gebuertsdagskuch, den den Harry organiséiert huet. (merci) Well et mëttes esou waarm war, sinn mir an Freibad gaang. Endlech erëm duschen !!! Mir hunn ons dann géigesäiteg nach e wéineg gezappt. Owes hunn mir onsem Partnergrupp nach gewisen wat een Pakalu ass. Dono hunn mir den Owend gemittlech an hirer Jurte auskléngen geloss mat engem gemittlechen Feier a schéinem Gesengs. Et war een wonnerbar-

en Owend obwuel „d'Garnele“ do war. An et wor een vun mengen beschten Gebuertsdeeg a mengem Liewen. Florence

Freiden, den 7. August
Eisen 2.leschten Dag huet schon gutt ugefaang. Mir wollten ons mam Stamm Artus een gemittlechen leschten Owend mat „Tschai“ (Bei den Pfadfindern bezeichnet man Tschai ein Mischgetränk aus schwarzem Tee, Wein bzw. Traubenmost, anderen Säften, Nüssen und Obst. Als Getränk während Zeltlagern hat Tschai sich mittlerweile einen festen Platz in Pfadfinderkreisen erobert. Einige Stämme haben eigene Tschaiz-



eremonien entwickelt, die ein fester Bestandteil ihrer Traditionen sind.) Feier a Sengen an der Jurte maachen, mä dunn kouw esou eng „Garnele“ also esou een „incrus“, een Idiot, deen net zu eis gehéiert huet an sech awer wéi doheem gefüllt huet. (Alles dem Sven seng Schold; hien sot him wou ons Campingsplaz ass) Iergendwann sou géint 1:30 moies ass et ons dunn duergaang an mir hunn decidéiert him iergendwéi lass ze ginn. Mir hunn ons all am Kichenzelt verstoppt, 2 Stéck sinn bei d'Garnele gaang, deen mëtterweil schon geschlof a gesabbert huet,

a soten mir géifen schlofen goen. Wéi hien ab war, ass de Rescht och erëm an Jurte komm. Mir hunn nach e wéineg gesonge an dunn ass lues a lues jidder-een schlofen gaang, all ausser d'Lena, Julie, Fanny an den Alex. Mir hunn decidéiert eng „Nuit blanche“ ze maachen. Déi hunn mir dunn och duerchgezunn an et war zimlech witzeg (ech soen just Nilpferd, Regenwald, Banane, Uschi-buschimuschi) Zitat Alex: „Ich hasse alle Regenwaldumweltorganisationen“. Jo, et war witzeg. Moies wollten mir dach SIE dunn nach schäinhelleg vir-spillen mir hätten geschlof, mä si krut erëm alles spatz. Allerdengs kruten mir net gemeckert sous condition dat mir net granzen an zicken. Dunn hunn mir zu Moien giess an sinn an den Feuers-puckatelier gaangen. Dat war deck cool! Mëttes gouf et Gulasch ziessen an Fanny ass heem gaang. Et ass iwermega-krass waarm a mir setzen hei ze setzen eis eng Piscine ze wënschen. Mëttes hunn Artusen dunn schon alles ofger-appt, well si sinn den aneren Dag moies um 8 Auer mat all den aneren Bay-

ern heemgefuer. Owes war dunn nach Schlussfeier vum Souscamp an dono grouss Schlusszeremonie mat engem riesen Lagerfeier. An dunn ass gefeiert ginn an den 9 Caféen bis moies frei... Julie

Samschten, den 8. August

De Camp ass eriwier.. Op onsem Sous-camp stinn nëmmen nach ons Zelter. Eng leschte Kéier drénken mir mat onser Partnergrupp Kaffi, schnesen nach e wéineg an dunn koum d'Zäit vum Addi soen. Symbolesch hunn mir ons an een Krees gestallt, hunn ons d'Hänn ginn an hunn ons dunn aus dem Krees eraus gedreit...a jiddereen ass säin Wee gaang. Tréinen sinn gefloss... a fort waren si. Mir hunn dunn nach all onst Material agepaakt, Camp-platz gebotzt, d'Camionette gelueden an sinn dun och gefuer. Ennerwee hunn mir nach een Halte am Burger King zu Treier gemaach an dunn war et och fir ons eriwier. Hoffentlech gesinn mir si d'nächst Joer bei ons um Camp erëm !!!



ROVERWAY an Island



Sonndes mettes hun mir eis um Houwald getraff fir mam Bus ob Düsseldorf ze fueren. Du hun mir den Fliiger - ah nee, do sollten mir den Fliiger fir an Island huelen. Dëst war awer net den Fall. Eis Rees ass schon gutt ugangen. Mir sollten um 21h30 lass fleien. Um 21h45 stoungen mir mam Fliiger ob der Startpist fir fort. An mir stoungen , an mir stoungen do, bis dass den Pilot sech gemellt huet **“ Wir haben ein kleines Problem”**

Well schon mettlerweil baal 22 Auer war, kruuten mir keng Starterlaubnis mei. Den halwen Fliiger mat Scouten nees zereck bei den Flughafen gefuer, do ob eis Gepäck gewaart, an dun konnten mir eng Nuecht gratis am Hotel nirwendrun verbrennen. Bis mir en Zemmer haaten war schon gutt Metternuecht, mir sin ant Bar nach een drenken gaangen, hun eis dun fir 3 Stonnen ant Bett geluecht, oder och net, bis mir dann nees zereck ob den Flughafen gangen sin an dat Spill dann nees vun fiir gemeet hun.

Méindes moies an Island ukomm, missten mir ganz séier en Triage vun eisem groussen Rucksack op e klen-gen Rucksack maan. OK, séier iwwerluecht “wat brauch een déi 4 nächst Deeg?”, den Rescht an e f***ing blue bag geschmass, an lass et geet mam Bus ob Reykjavik. Do bei der Uni ukomm, war eng grouss d’Opening Ceremony, wou all Land firgestallt gouf. Do ass et drëms gaangen, wéi een Land am haartsten gebläert huet fir Opmirksamkeet ze kréien.



Déi 4 éischt Deeg waren mir zu 2 Gruppen getrennt ennerwee. Den Max, Ben, Charel, d’Jil an d’Mireille sin ant Bierger gefuer, wou si an enger klenger Hütt geliewt hun mat 40 aner

Scouten aus Europa. (Italien, Portugal, Slowenien, Englänner, Schweden) Do ukomm sollten mir eis Zelt opriichten. ?? Ehmm, mir eis ugekukt...?? **Excuse me, we haven't our tent here...** Sou konnten mir déi 1. Nuecht dobannen pennen :-)) an den nächstenDagkruutenmirenZeltbruecht.

Mir sin duerch d'Bierger getreppelt, bei en Wasserfall, wou mir dun schwammen konnten goen, an hun nach eng B.A. fir Scouten an Island gemeet. Highlight vun eistem Trip war eigentleg den Mountain Esja eropklammen, mee leider war deen Dag esou vill Wand, dass mir net gangen sin, well et zevill gefeierleg war GRRRR :-)) Dun hun mir en scheinen Treppeltour gemeet, an wéi mir zereck komm sin, hun mir den Chaos op eiser Campplaaaz gesin. Zelter futti, Zelter net mei do... Vun der Italiener hierem Zelt stoung naicht mei! All hier perséinleg Saachen waren den Bierg eroof geflunn, duerch deen Wand. Zum Gléck ass et den aneren Dag nees bei Zivilisatioun gangen.



Deen aneren Grupp mam Tessy, Julie, Lisa, Jenny, d'Vanessa an de Joé, déi hun wingstens Geysir'en gesin, sinn ant Blue Lagoon gefuer an soss vill geschloof an giess. (soen si) :-))

Si sin vun Villercher attackéiert gin. Fir dat ze vermeiden huet een missten mat der Hand iwwert dem Kapp weedelen! **Very nice!** :-)) Soss sin si awer och nach vill duerch d'Pampa getreppelt. Eng Wiss mat Lächer an Hiwwelen, déi een net gesin huet. En Hike bei Dümpelen, déi lecker no Schwefel gericht hun.



Endleg Freides, hun mir eis all op der Haaptcampplaaaz erem gesin! Do war och den Treffpunkt vun all klengen schielen Mecken! Den Mond net ze grouss opmaan, well soss haat een eng Ladung am Mond, iiihhhh.

Déi folgend Deeg waren an verschidden Atelier'en agedeelt. Sou ass een mol bei Vikinger gangen, hun do aus Holz e Löffel geschnesst, oderant Hand, gellduMax :-)) Popcorn machen, aus Filz eng Blumm maan, aus Blei d'Fleur de Lis geissen.... Am Sporty Village, wéi den Numm et schon seet, konnt een verschidden Sportarten maan. Beach-Volley, Fussball, un enger Wand klettern asw.

Am Arty Party huet een sech mol gutt masséieren gelooss, verschidden Musikinstrumenter ausprobéiert, en lecker Milkshake an der Milkbar gedronk. Am Environement Village hun

mir gesin wéi een mat enger
Gromper kann Stroum maan.

Owes haat een puer Café'en als
Treffpunkt. Sou gouf et en Teahouse, wat
genial opgezun war! Bei deem kaalen
Wierder kennt esou en Téi emmer gutt.

D'Wierder war eigentleg genial déi 10
Deeg! Et war emmer Sonn. Ech men-
gen, mir haaten mol keen Reen.. ?!!
Et war just schaiskaal. Et huet een Mutz
bis bei d'Nues gezun, an deem Wand
huet engem d'Oueren fort gebloossen
Een owend huet en DJ do Musik opge-

D'Heemrees ass gott sei dank ouni
Problemer oofgelaaf, an mir waren frou
owes nees an engem Bett ze schlooffen.



luecht. Dat war eng genial Stimmung!
Owes um 22.30 Auer d'Lait do gedantz
an gesprongen, et war nach hell wéi 18
Auer. Déi Ambiance ass schwéier ze be-
schreiwen. Einfach gail! An dat ganzt
ouni Alkohol! Um ganzen Roverway war
Alkohol verbueden, och an den Café'en.

Den läschten Dag, Meindes, hun mir
dann moies frei eis Zelter agepaackt.
Déi läschten Kéier lecker Sandwiches
giess, dunn war nach Closing Cere-
monie, wou vill Treinen gelaaf sin te-
schent den neien Frendschaften. Sou
hun mir eis ob den Wee bei den Bus ge-
meet, nach seier goufen islännesch Fän-
delen geklaut als Erennerung, an schon
ass den Bus Richtung Flughafen gefuer.

*** WANTED * WANTED ***

**Mir sichen nach Leit fir an de Staff.
Och DU kanns hëllefen! Mëll dech beim Carole**

07 - 17 August 2010

Generations

**Internationale Camp
fir Avex a Carapio**

Grupp St. Laurent Lorentzweiler

Lëtzebuurger Guiden a Scouten

Luxembourg
Lorentzweiler

www.generations.lu

1970

Generations

Lorentzweiler

2010

Biber

Wellefcher

AvEx

CaraPio

RaRo

Verschiddenes

Salut les amis,

Nous, le groupe scout Bon Berger de Rivière Froide en Haïti, avons le grand plaisir de vous envoyer ces lignes pour exprimer notre gratitude et pour vous remercier de l'aide que vous aviez donné, nous permettant de réaliser ce programme. Notre camp a eu lieu du 23 au 30 août 2009 à Seguin dans le parc national La Visite. Ce parc se trouve sur la plus haute chaîne montagneuse d'Haïti. Cette région au sud-est de notre pays pas loin de la belle ville de Jacmel. Le trajet de Rivière Froide à Séguin a été fait par Pétionville et Kenscoff, puis le reste était une marche à pied. Pour le retour, nous avons



pris des motos et le bus de Jacmel à Carrefour. Sur le programme du camp nous avons fait de la formation, une visite de la ville de Bellance, veillées et ateliers, excursions dans la forêt. Ont participé 14 scouts et 2 chefs de troupe. Nous tenons à vous rappeler que le 5 novembre est l'anniversaire du groupe Bon Berger. Cela fait 9 ans d'existence, c'était le 5 Novembre 2000. Pour marquer cette date, nous allons monter des tentes sur la cour de l'école "le réformiste" et organiser une veillée pour cette occasion.

Estima Noizy et Félix Etienne

www.aah.lu





Buergbrennen
LGS mat der FNEL



Pélé des Jeunes



Wii-Party am Altersheem
org. vun den RaRo



Crossgolf
org. vun den Carapio



Kéisowend
org. vun den RaRo

Biber

Wellefcher

AvEx

CaraPio

RaRo

Verschiddenes

Wat? Wou? Wéini?

| | |
|-------------------------|---|
| 13. Dezember 09 | Chrëschtmaart Centre Culturel |
| 21. Februar 2010 | Buergebrennen op der Schanz |
| 3. Abrëll 2010 | Ouschteréeraktioun Luerenzweiler Gare |
| 1. Mee 2010 | Meekranz |
| 7.-17. August 10 | GENERATIONS CAMP Luerenzweiler |

NEWS

Mir gratuléieren ...



... dem Sven an dem Myriam!
D'Eve Linckels ass den 21.10.
ob d'Welt komm mat 54 cm an
3.895 gr

Sudoku

| | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 2 | | | | | 6 | | |
| | | | | 6 | | | | |
| | 9 | | | | 2 | 3 | 4 | |
| 6 | | | 5 | | | 8 | 1 | 4 |
| | 1 | 2 | | | | 7 | 6 | |
| 7 | 4 | 5 | | | 1 | | | 3 |
| | 8 | 3 | 1 | | | | 9 | |
| | | | | 9 | | | | |
| | | 1 | | | | | 7 | 6 |



Biber

Wellefcher

AvEx

CaraPio

RaRo

Verschiddenes

Ben: Ech hun am léifsten Buppen mat Zooss!

Kanner sin welleg!

„de Men kann net fréi.
de Germain kann net Owes.
De Ben kann ëmmer!“

9 Cafés, mais pas de douche!!!

*Mireille, kréien ech nach e
Nuessnappech?*



*„Sven: Da bräichte mer just nach eng Plaaetz wou
en Helicopter steet.“*


Ben: Ma beim Neolitikum!“



2008/09

Mir waren mat dobei!

Hei sin just déi Leit opgelëscht, déi hir Cotisatioun bezuelthun an dofir och op där offizieller Memberlëscht vun 2008/2009 vum Verband stoungen.



BIBER

| | |
|------------|-------------|
| Bruni | Andrea |
| Bruni | Elena |
| De Waha | Elena |
| Gehlhaer | Roxanne |
| Goudenbour | Ben |
| Hornung | Sarah-Marie |
| Jacoby | Ben |
| Jemming | Sebastien |
| Kieffer | Alex |
| Klares | Charel |
| Mathias | Liz |
| Müller | Jennifer |
| Schmalen | Gil |
| Schmitz | Luca |
| Schneider | Nick |
| Sterng | Geoffrey |
| Theisen | Lynn |
| Warken | Jelena |
| Weber | Lena |
| Wiggins | Megan |
| Zepp | Lilly |

WELLEFCHER

| | |
|-----------|-----------|
| Bode | Lisa |
| De Waha | Jérôme |
| Fettes | Stephanie |
| Giampaolo | Pascal |
| Heisten | Gilles |
| Jacoby | Fränk |
| Klares | Pol |
| Mathias | Lynn |

AVEX

| | |
|---------|---------|
| Bode | Tom |
| Fettes | Melanie |
| Heisten | Michel |
| Kieffer | Olivier |
| Koch | Charel |
| Koch | Vanessa |
| Kosomi | Sophie |
| Roderes | Rick |
| Toisul | Céline |
| Wiggins | Eric |

CARAPIO

| | |
|---------|----------|
| Beck | Julie |
| Bidoli | Lena |
| Bordez | Carole |
| De Dood | Florence |
| Schmol | Carole |
| Toisul | Fanny |
| Urbé | Lisa |

RARO

| | |
|------------|--------|
| Beck | Max |
| Bidoli | Charel |
| Bisenius | Lisa |
| Bode | Charel |
| Jacobs | Julie |
| Gallelli | Jill |
| Rommes | Anne |
| Schosseler | Jil |
| Schosseler | Sven |
| Schreiner | Ben |

5. BRANCHE

| | |
|---------|----------|
| Jegen | Marc |
| Leclerc | Patrick |
| Massol | Melanie |
| Menster | Annick |
| Paulus | Alain |
| Theisen | Roby |
| Weis | Manon |
| Weiss | Annick |
| Wenger | Philippe |

(+ aaner Cheffen)

MATAARBECHTER

| | |
|----------------|------------|
| Bode | Camille |
| Fehlen | Pascal |
| Kieffer-Everad | Chantal |
| Leclerc-Feltes | Nicole |
| Maes | Myriam |
| Reuter | Pierre |
| Weyerich | Lucien |
| Wiroth | Christophe |

(+ aaner Leit déi keng Cotisatioun bezuelthun)